

Waterdäiwel ass deen CPLL?

Mä voll ausgeschriwwen heescht dat „*Conseil permanent pour la langue luxembourgeoise*“. Ass dat dann näischt?! Mäi Frënd getréischt a fréieren Direkter vun de „Bâtiments publics“ Roland Baldauff hätt gesot, et wier eng Grimmel „*ronflant*“. **Vill méi einfach an och méi liicht verständlech wier „Nationalcommissioun fir d’Lëtzebuergesch (NCL)“** ... da geng jiddereen direkt wëssen, wourëm et sech dréint.

Datt dee „Conseil“ ewell iwwer 20 Joer besteet, schéngt dësen oder deen Zeitungsschreiwert och nach net um „hard-disk“ ze hunn; schléisslech huet dese „Veräin“ 1999 déi lescht Versioun mat e puer Ännerungen un der Schreifweis fir d’Lëtzebuergesch gemaach an erausginn; e bëssen ze séier (haseleg) an net grad dat Gielt vum Ee; et ass ower elo mol dat Orthographie-Reglement, dat haut „offiziell“ iwwer „arrêté grand-ducal“ am Gebrauch ass.

Am Grousse Ganzen däerf ee vläicht **bedauern, datt och deemools gemengt ginn ass, mir misste fir eis Sprooch-Schreif eng zimlech (zevill) no Stäip bei d’Houdäitsch siche goen**; déi Bemierkung huet mengerwäreg näischt mat engem queesche Bléck op dem Goethe oder dem Thomas Mann hir Sprooch ze dinn, mä einfach domat, datt d’Lëtzebuergesch plazeweis en zimlech eegent Liewe soll kënnen féieren. Beispiller: Firwat musse mir „Brout/Blutt“ hanne mat „t“ schreien? Woufir soll e „Bouf“ deen „f“ um Schluss kréien? Wat soll dat? ... **mir schwätzen dach vu „bludden“ a vu „Bouwen“** ... Do wier et dach einfach gewiescht, ze soen de „Schlusskonsonant“ giff sech no deer eventuell méiglecher Verlängerung vum Wuert riichten, basta. Och déi kéipweis eee-Bustawe bräichte mir net, an dat „Getëppelchers“ hannen um Enn ass ganz einfach lächerlech (Jeeër, Eeër ...); hei guff souzesoen „d’Ham an der Mëllech gekacht“. Et gëtt z. B. och knapps e méi kloeren „ä“ wéi beim Gackelchen; firwat dann „Ee/Eeër“?

An deem ganze Quascht vu Programm-Punkte fir eis Sprooch, déi dëslescht an der Chamber um Dësch geleeën hunn, gëtt et der eng ganz Partie, déi sech kloer iwwerschneiden. E Bravo fir de gudden Wëll; mä do léisst sech vill zesummeleeën, an da kéimen héchstens eng Dose Kapitelcher eraus, déi da behandelt sollte ginn. Datt d’Saach an deer parteipolitescher Millche rondrëm gedréint guff, versteet jiddereen, dee sech an de Politiker hir Plaz denkt ... d’Haaptsaach ass, et guff sech iwwerhaupt an der Chamber iwwer dat Heeschekand vu Sprooch zermeeschtert. Mä **stellt iech emol éierlech a verstänneg vir, wéi et gewiescht wier, wa mir vun der Actioun-Lëtzebuergesch net, och op d’mannst 40 Manéieren, zënter 1971 konsequent (hei géllt „stur“) fir eis Sprooch gewuddert hätten**; net nëmme fir Literatur op Lëtzebuergesch, mä op zeg Gebitter ... déi elo alleguerten an deem Katalog vun der Regierung erëmzefanne sinn.

An den CPLL bei deer Saach? Esouguer deen ass an der Kautsch vun eiser Actioun entstan ... frot emol beim Guy Dockendorff no ... net grad esou, wéi et hätt kënnen/misse sinn ... ower wéi gëtt dacks gesot: Besser dat ewéi näischt!

Et wier elo ze wënschen, datt no dësem „Hoff“ och déi néideg a richteg Musek an deer Saach gemaach gëtt. **Deen alleréischte wichtege Punkt ass d’Lëtzebuergesch am Grondgesetz**, der Constitutioun vun eisem Land; dat hu mir ewell zënter Joer an Dag op eisem Programm ... an de Willy Bourg getréischt huet mir vrun 23 Joer (et war am Märeler Park) d’Versprieche ginn, eng Motioun doriwwer an der Chamber ze maachen. De Frënd Willy huet säi Wuert gehal ... hien huet eise Merci dofir verdéngt ... mir halen op d’historesch Wouerecht!

Zéit eraus ...

Dat soll dann de „**Kollektivtitel**“ fir d’Oktav-Priedegte vun dësem Joer sinn; kommt elo kee soen, un deer Sprooch-Kniwwel wier näischt méi ze réckelen; et ass ni ze spéit, fir eppes sproochlech an d’Rei ze maachen, wat jo nach néierens an e Stee gemeesselt oder an e Buch gedréckt ass. Eis Oktav geet dach eréischt a sechs Wochen un!

Hei hu mir en typesche Fall, wou een **net aus deer däitscher Sproochschinn erauskomm** ass; do heescht et, de Jesus hätt zu senger Leit gesot: **Ziehet hinaus und sagt den Völkern** ... Mä op Lëtzebuergesch geet dat net esou „eericht“! Näischt géint d’Däitscht, mä mir hunn dees méi wéi genuch, dacks muttwëlles zevill, an dat ka jiddereen eiser Sprooch spueren ... deen et éierlech mat hir mengt. Mir „zéien“ e krommen Nol eraus; e Poul aus dem Buedem; en Auto aus engem Gruef; een aus enger Affaire ... also am franséische Sënn vun *tirer/extraire*. Ni an der Bedeutung vun **eraus goen**, z. B. ënnert d’Leit (goen). Mir wieren dem Här Abbé en éierleche Merci schëlleg, wann hien dat géng „riichtbéien“. Näischt fir ongutt. (L.R.)

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

Klaken a geheien

Dat éischt vun dësen zwee Verben ass **eent vun deenen typeschste lëtzebuergesche Wierder; dobäi ass et och nach voller Bedeitungen**: eng „geklaakt kréien“ deet net appart gutt; wann et „klaakt“, da freet ee sech, vu wou dat kënn; „ee klake goen“ ass zimlech graff; eppes klaken/eweckklaken hu mir och am Sënn vu „werfen“ ... ower hei si mir dann och bei deem „**geheien**“, **wou déi al-lermannst wëssen, datt et dees Nidderlänneschen ass**, an zwar d’Verb „gooien“ fir genee deeselwechte Begrëff. Eis Sprooch geet domat ower méi wäit, well wie sech vill plot, dee „geheit“ sech; mécht een äis Misär, dann huet een äis „gehäit“ ... woumat mir alt erëm gesinn, datt d’Lëtzebuergesch absolutt ëmstand ass, kreativ ze sinn. Dat seet lech dann äre ... Leitsgeheier

Wat soll dee „Springbreak“?

Den Ausdrock „foire“ fanne mir (am „Petit Robert“ ernimmt) zënter dem 12. Joerhonnert fir e grouse regelméissege Maart. Et ass also ganz normal, datt aus deem Maart, deen de Jang de Blannen am 14. Joerhonnert hei ageféiert huet, **eis ganz eege „FOUER“** ginn ass, en Evenement, dat mir als d’Kiermes vu Stad a Land nach haut keen August wëlle vermessen.

Datt an der Zäit eng gelleg „**FOIRE**“ an den Halen um Lampertsbiereg entstan ass, war dem ommelzege Jemp Michels ze verdanken; si guff an de Joeren eent vun den Haapterliefnesser; déi Foire ass dann herno op de Kierchbiereg geplënnert, wou si sech am Sënn vum Ausdrock schéi breet gemaach huet; dat esouguer zwee mol am Joer. „**Mir ginn op d’Fouer**“ a „**Mir ginn op d’Foire**“ sinn also zwou **verschidde Saachen**, an eis Sprooch huet deen Ennerscheid och gutt mat virgeholl ... firwat dann elo dat blénkeg-bretzegt „**SPRINGBREAK**“? Wien do gemengt hat, dat wier méi „modern“, deen ass nieft dem Dill. Mir brauche kee „spring“ fir d’Fréijoer an och kee „break“ fir vum Fréijoersufank ze schwätzen. Et mécht och net besser; **et weist nëmme, datt do Leit net bekäppen, datt déi allermeescht net verstin, wat iwwerhaupt domat gemengt ass.**

Googlen a mogelen

Datt mir haut ganz kamoud kënnen op eisem Computer „googlen“ a fir déi onméiglechst Saache kniwwelen an triwwele goen ... eng wonnerbar Geschicht. Et soll jo ower nëmme kee kommen a froen, wéi een da fir „googelen“ op Lëtzebuergesch géng soen. D’Äntwert wier: Dabo! Firwat? Dat ass x-mol hei ausernegedu ginn (cf. Radio, Televisioun, Photo, Bic ...).

Ëmgedrëint däerf een ower emol vläicht **froen, firwat mir op eemol „mogelen“ aplaz „fuddele“ solle soen**; wat mir mat deem esou elegante „**lecker**“ ze dinn hunn, dat just iwwer däitsch Televisiounen a Reklammen eragerutscht ass; gutt, genësseg a geschméicheg gi wéi et schéngt net méi duer. Mä hei misste mir äis emol selwer alleguer mat der Nues huelen; oder ass et och ewell verbueden, d’Kanner e bëssen erëmzehuelen, wann si mat esou Saache wéi „Ameis – Maikäfer – Schmetterling ...“ geschäert kommen?

Kräischen

An eiser Sprooch ginn et wéi an aneren „Idiome“ **ganz einfach an dacks gebrauchte Wierder, wou äis net afält, datt et typesch „eiser“ sinn**. „Kräischen“ ass eent dovun ... wat mir natierlech am Däitschen (kreischen) erëmfinden, ower denkt emol gutt no: Et ass guer net datselwecht! Eist „kräischen“ ass dat däitscht „weinen“; mir fannen et ower am Engleschen als „to cry“ erëm ... mat enger klenger Kéier an d’Franséisch, wou mir „crier“ hunn; mä hiert „pleurer“ weist éischer op dat däitscht „plärren“ ... mä do hu mir „**jäizen**“ ... **dat gitt dir ëmoss an deenen anere Sprooch sichen**. Fir „kräische“ gëtt/guff och nach „brëlle“ gesot, an dat war och net dat däitscht „brüllen“. Dir kënn elo mengen, dat Ganzt wier „Méckepéilerei“; ower op déi Fassong kënn ee sech och „wëssenschaftlech“ mam Lëtzebuergeschen ofginn ... wat natierlech net grad jidderengem senger Saach ass. Interessant wier et z. B. och, äis mam lëtzebuergesche „gaapsen“ ofzeginn; et ass eng „onomatopée“ (Klangmalerei), grad ewéi anerwäerts. Probéiert emol.

Generalversammlung 2017

Léif Membren a Frënn, notéiert iech de Samschdeg, 29. Abrëll, mëttes um 3 Auer – Brasserie „Um Dierfchen“ – 6, côte d’Eich (Kasinosgaass) an der Stad.

De Comité vun der Actioun-Lëtzebuergesch freet sech op iech.